Esch-sur-Alzette, den 21 Mäerz 2025

ACEL – de Studentevertrieder
2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Communiqué de Presse : Student fir 1 Dag 2025

Och am Joer 2025 organiséiert d'ACEL de Student fir 1 Dag, een eemolegt Konzept bei dem virun allem Lycéesschüler:innen d'Méiglechkeet hu wärend engem Dag op der Plaz eng Universitéitsstad oder e Studiefach vun aktive Student:innen gewisen ze kréien.

Dëst Joer si ganzer 24 Studiestied dobäi. 18 dovunner gi mat engem Bus vu Voyages Emile Weber ugefuer mam Allez-Retour de nämmlechten Dag, entweder vum P&R Bouillon an der Stad oder vum Parking Däichhaal zu Ettelbréck aus. Zwou weider Destinatioune gi mat engem Fliger vun der Luxair ugeflunn. All Rees gëtt vun opmannst engem Responsabel vun der ACEL begleet. Véier weider Destinatioune sinn opgrond vun der Distanz just an Eegeninitiativ erreechbar, bidden de Participanten awer e flotten Dagesprogramm.

D'Programmer sur Place sinn esou ënnerschiddlech wéi d'Stied selwer. E feste Bestanddeel sinn d'Visitte vun Universitéitsgebaier, den Austausch mat Student:innen, en Iesse wat am Präis mat abegraff ass an en Tour duerch d'Stad mat e puer vun de jeeweilege Sehenswürdegkeeten. Weider Detail ginn et an de Programmer op sf1d.acel.lu/destinations

De fachspezifesche Student fir 1 Dag fënnt dëst Joer an enger 2. Editioun statt. Vun 8 Fachberäicher kënnen sech Schüler:innen hei e Bild maachen. Jee no Fach fanne Workshops, Visitten a Präsentatiounen zu ënnerschiddleche Beruffsfelder statt an den Ënnerscheed tëscht de jeeweilege Studielänner gëtt erkläert. De Fokus ass nees den Austausch mat aktive Student:innen déi vun hiren Erfarunge berichten. Hei ass de Programm komplett gratis, abegraff eng kléng Stäerkung.

D'Umeldung ass fir all Rees bis jeweils zwee Deeg virdrun méiglech. Bei weidere Froen ass en FAQ op acel.lu/sf1d ze fannen a mir si per Mail iwwer sf1d@acel.lu ze erreechen.

Datum	Stadt/Fach (Cercle)	Präis	Transport
22. März	Ekonomie (ANESEC); Informatiouns an Datespezialist (JonkBAD); Pädagogik an Educatioun (ALSEP); Medezin (ALEM); Droit (ANELD); Politik (ALESPS)	Gratis	Eegeninitiativ (Campus Belval Maison du Savoir)
28. März	Psychologie (ALEP)	Gratis	Eegeninitiativ (Belval)
5. Abrëll	Pädagogik an Educatioun (ALESP); Medezin (ALEM); Ingenieurs- a Naturwëssenschaften (ANEIL);	Gratis	Eegeninitiativ (Belval)
7. Abrëll	Heidelberg (LSH)	50€	Bus
7. Abrëll	Karlsruhe (AELK)	50€	Bus
8. Abrëll	Bonn (Alesontia)	50€	Bus
8. Abrëll	Düsseldorf (LSD)	50€	Bus
9. Abrëll	Wien (LSW)	120€	Fliiger
9. Abrëll	Léck (Lëstlé)	50€	Bus
9. Abrëll	Maastricht (LSMaas)	50€	Bus
10. Abrëll	Berlin (VLIB)	120€	Fliiger
10. Abrëll	Bréissel (CELB)	70€	Bus
10. Abrëll	München (LSM)	15€	Eegeninitiativ
10. Abrëll	Fribourg (Friblëtz)	15€	Eegeninitiativ
11. Abrëll	Innsbruck (LSI)	15€	Eegeninitiativ
11. Abrëll	Freiburg im Breisgau (SLUF)	75€	Bus
11. Abrëll	Zürech (LSZ)	80€	Bus
12. Abrëll	Stroossbuerg (ALUS)	70€	Bus
14. Abrëll	Tréier (LST)	50€	Bus
14. Abrëll	Louvain (GDL)	50€	Bus
15. Abrëll	Paräis (AELP)	85€	Bus
15. Abrëll	Oochen (AVL)	50€	Bus
16. Abrëll	Amsterdam (RLA)	80€	Bus
16. Abrëll	Kaiserslautern (LSK)	50€	Bus
17. Abrëll	Köln (LSC)	50€	Bus
17. Abrëll	Nanzeg (ELAN)	50€	Bus
18. Abrëll	Lausanne (AELL)	15€	Eegeninitiativ